



Dépôt : Jessica Da Costa Moreira, le 27.04.2020

**1580** - Demande de pétition publique : Confinement et déconfinement FACULTATIFS pour le peuple luxembourgeois et ses frontaliers, FAKULTATIVE Confinement an Deconfinement fir d'lëtzebuergesch Bevëlkerung an hir Grenzgänger, FREIE WAHL zu Fortführung oder Aufhebung der Ausgangssperre

Dépôt : Gilles Franck, le 28.04.2020

**1581** - Demande de pétition publique : Pétition relative à une prise en charge du loyer commercial en cas de période exceptionnelle

Dépôt : Steven Darne, le 29.04.2020

**1582** - Demande de pétition publique : Lors de la signature d'une pétition, rajouter l'option « approuver » ou « désapprouver » une pétition

Dépôt : Jean-Marc Simon, le 29.04.2020

**1583** - Demande de pétition publique : Pédicure médicale

Dépôt : Jean Léon Erpelding, le 01.05.2020

**1584** - Demande de pétition publique : Ons nei Heemecht / Mieux vivre au Luxembourg

Dépôt : Serge et Sabine Tonnar-Stoltz, le 01.05.2020

**1585** - Demande de pétition publique : Autorisation de célébrer la messe publique avec participation des fidèles

Dépôt : Manfred Reinertz Barriera, le 03.05.2020

**1586** - Demande de pétition publique : Soutenir les familles souhaitant réaliser le droit à l'instruction de manière alternative au système scolaire traditionnel afin de promouvoir l'égalité des chances et de garantir le respect des valeurs éducatives des parents et des besoins des apprenants conformément aux droits humains

Dépôt : Simon Schmitz, le 03.05.2020

**1587** - Demande de pétition publique : Refus d'une vaccination forcée

Dépôt : Guy Link, le 03.05.2020

**1588** - Demande de pétition publique : Demande de report des travaux de construction qui, en raison de leur forte nuisance sonore, empêchent les étudiants et les personnes en télétravail d'effectuer leurs tâches professionnelles quotidiennes en période de confinement Covid-19

Dépôt : Maria Comesana, le 04.05.2020

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

## 3. 7564 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

### Déclaration de recevabilité

An hirer Reunioun vum 24. Abrëll 2020 huet sech d'Presidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi 7564 iwwert den Accès op Handwerks-, Geschäftsmann an Industrieberuffer souwéi op verschidde fräi Beruffer, déi den 18. Abrëll 2020 vum Här Léon Gloden deponéiert gouf.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un, fir d'Proposition de loi 7564 als recevabel ze erklären?

### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 4. Changement de composition d'une commission parlementaire

Wat d'Zusammensetzung vun de parlamentaresche Kommissionen ubelaangt, hunn ech follgend Ofännerung vun der LSAP-Fraktioun matgedeelt kritt:

An der Commission des Finances et du Budget ersetzt den Här Claude Haagen den Här Yves Cruchten.

Ass d'Chamber mat dëser Ännerung averstanen?

### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 5. Ordre du jour

Den ofgeännerten Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat deem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

Den Här Marc Baum freet d'Wuert, d'Madamm Martine Hansen an den Här Sven Clement an den Här Gast Gibéryen. Fir d'éischt den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Här President, am Numm vun déi Lénk froen ech, fir d'Projet 7457 a 7460 betreffend d'Fräihandelsaccorde mat Kanada, besser bekannt ënnert der Ofkierzung CETA, vum Ordre du jour vun dëser Woch ze huelen.

Wéi de Premier den Ausnamezoustand ausgeruff huet, huet hien op eng scho bal inflationär Aart a Weis vun enger Union nationale geschwat. Hien huet gesot, mer missten alleguer zesummestoen, et géif an der Kris quasi keng Parteie méi ginn, a mer missten alleguer zesummen, gemeinsam, als Land dës Kris meeschteren.

Beim Thema CETA gëtt et awer keng Union nationale. Ganz am Géigendeel! Keen anere Projet aus deene leschte Joren a Jorzéngten huet d'Gesellschaft esou gespléckt ewéi déi Fräihandelsaccorde vun der neier Generatioun. An ni virdru war de Gruet tëscht der Zivillgesellschaft an den etabléierte Parteien esou grouss wéi hei. D'Plattform géint de CETA ëmfaasst eng Panoplie vun Organisatiounen ronderëm d'Gewerkschaften, OGB-L, LCGB, CGFP, d'Ëmweltorganisatiounen, Mouvement écologique, Greenpeace, de Konsumenteschutz, Sozialverbänn wéi d'Caritas, jo, souguer d'Baurenassociatiounen. Alleguer si se sech eens, datt dee Projet nefaste ass. An zweemol hunn dës Organisatiounen schonn Demonstratiounen organiséiert, déi jeeweils Dausenden an Dausende vu Lëtzeburger Bierger op d'Strooss bruecht hunn.

Elo si mer awer am État de crise. An d'Versammlungsfräiheet, also d'Fräiheet, seng politesch Iwwerzeegung effentlech ze manifestéieren, ass schwéier ageschränkt. An esou enger Zäit esou e kontroverse Projet per force wëllen duerchboxen, ouni datt grouss Manifestatiounen kënnen organiséiert ginn, ass e Schlag an d'Gesicht vun der Demokratie an e Schlag an d'Gesicht vun Dausende vun engagéierte Bierger.

Dobäi kënnt, datt et guer keng Urgence gëtt. 14 vu 27 Länner hunn hire legislative Prozess nach net ofgeschloss, dorënner eis dräi Nopeschlänner. Et gëtt guer keng objektiv Urgence, fir CETA ënnert dës Konditiounen ze votéieren. Souguer déi, déi mengen, datt am onreguléierte Fräihandel d'Zukunft leie géif, deene géif keen Zacken aus der Kroun falen, wann dee Projet ënner normale Konditiounen nom État de crise géif votéiert ginn. Keen anert Land, an ech betounen, keen anert Land an der Europäescher Unioun huet am État de crise esou e Fräihandelsaccord votéiert! Och net Ungarn!

An deene leschte Wochen hu ganz vill Leit aus alle méigleche Fraktiounen hei an der Chamber op dëser Tribün betount, datt mer grondleënd Reflexiounen féiere missten iwwer eise Wirtschaftsmodell. Dat geet vun der CSV-Sprieder Martine Hansen iwwert de grénge Sprieder François Benoy bis hin zum Georges Engel vun der LSAP. Mat dësem Vott ënnergruewe mer awer dës Reflexioun, déi vun esou ville gefrot ass.

D'Chamber géif heimaddeer Tatsaache schafen, a se gëtt e schrecklecht Zeechen: Weider sou mat dëser neoliberaler Globaliséierung! Weider sou mat deenen Delokalisatiounen, déi eis zum Deel an dës sanitär Kris gefouert hunn! Wann all déi Leit, déi zu Recht gefrot hunn, fir d'Kris ze notzen, fir pertinent Froen ze stellen, wann déi sech wëllen escht huelen, da muss se géint dësen Ordre du jour stëmmen.

Här President, eist Land ass mat ganz grave Problemer befaast. Ënner anere sinn d'Grenze mat eisem Nopeschland Däitschland deelweis zou. D'Grenze sinn zou, Schenge gëtt et de facto net méi. Fir Dausende vu Lëtzeburger ass dat eng alldeelech Qual. An an esou enger Situatioun Fräihandelsaccorde mat anere Kontinenter ofzeschleissen ass ganz einfach wansinneg! Dat ass de kale Wansinn. Et géif näischt aneres weise wéi eng komplett Realitéitsfremt vun der Chamber. Duerfir plädéiere mir derfir, datt dës Projet vum Ordre du jour erofkënnt, well mer eis et net leeschte kënnen, als Chamber zum Gespött vun der Natioun ze ginn.

An da leschtens, Här President: Bis gëschter Mëtten hate mer en Ordre du jour, an Dir hutt gesot, en ass ofgeännert ginn, dee virgesinn hat, datt um Donneschdeg sollten eng ganz Rëtsch Covid-Gesetzer gestëmmt ginn. Dunn huet de Premier eng Deklaratioun ugeknegt, wat säi ganz gutt Recht ass, an iwwert datt ech och ganz frou sinn, datt en dat gemaach huet. A wat muss elo dës Woch réckelen? Net d'Fräihandelsaccorden, fir déi et keng Urgence gëtt, CETA a Singapur, mee wat réckele muss, datt sinn d'Covid-Gesetzer, op d'nächst Woch eng kéier. Dat muss ee sech emol virstellen! Mir liewen am Ausnamezoustand, konfrontéiert mat enger enormer sanitärer Kris, a wat gëtt als zweetrangege agestuut? Net de CETA, mee d'Covid-Gesetzer! Dat geet, a mengen Aen, op keng Kouhaut.

Duerfir froe mir als Lénk, datt den Ordre du jour geännert gëtt an de CETA op e spéideren Datum verréckelt gëtt, wou eist Land, a virun allem eis Gesellschaft, seng demokratesch Rechter zrëckhuet. Well soss riskéiere mer, datt de Mondschutz net nëmmen e Geste barrière ass, mee zu engem Maulkuerf degradéiert gëtt!

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. An da wier et un der honorabeler Martine Hansen.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President, ech ka mech elo definitiv méi kuerz halen. Den Här Baum huet schonn dat meescht gesot. Och mir als CSV froen, datt den Ordre du jour geännert gëtt, an zwar, datt de CETA-Accord, d'Projet 7457 a 7460, sollen haut vum Ordre du jour geholl ginn.

D'Gesellschaft ass immens sensibel op dësem Dossier. Eis geet et hei manner nach ëm de Fong, mee méi nach ëm d'Form. Et ass elo net, während der Kris, un der Zäit, fir esou e sensible Dossier wëllen hei ze debattéieren. Deen Accord muss an aller Serenitéit kënnen diskutéiert ginn. Dat ass am Moment net de Fall.

Duerfir froe mer, fir en u sech no der Kris hei an der Chamber ze debattéieren. Dat wär ee wichtegt Zeeche fir eis Demokratie! An ech beruffe mech do och op den Artikel 31 (13) an ech géif ee Vott iwwert dës Ännerung vum Ordre du jour froen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hansen. An dann huet den honorabelen Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, de Marc Baum huet villes gesot. D'Martine Hansen huet et ergänzt. An trotzdem ass et, mengen ech, grav, datt mer hei solle muer iwwer Fräihandelsaccorden diskutéieren. Éischtens emol Fräihandelsaccorden, déi, alleng vum Volume hier, alles sprengen, wat mer soss esou alldeelech diskutéieren, dat ass dat eent, zweetens awer och vum Impakt, dee potenziell ass, alles sprengen, wat mer soss reegelméisseg hei diskutéieren.

An dat grad an enger Kris! Dat grad do, wou all déi Mënschen aus der Zivillgesellschaft, déi sech déi lescht Joren investéiert hunn, fir en Debat ze lancéieren, monddout gemaach ginn. Si gi reduzéiert op Pressecommuniqéen, op Videostatements, mee se kënnen hiert elementaart Grondrecht, nämlech d'Demonstrationsrecht virun der Dier vum héijen Haus, net wouerhuelen!

An ech mengen, mir waren alleguerten d'acord, datt mer an engem Ausnamezoustand net sollten iwwer kontrovers Theeme wéi deen heiten diskutéieren. Ech erënneren drun, datt an där éischter Sëtzung, déi mer hätte sollen am Ausnamezoustand hunn, mer schonn eemol hätte sollen iwwert dës Projet diskutéieren a mer eis fraktiounsüwwergräifend eens waren, mam Hiweis op déi Unité nationale, déi ugeschwat gouf, fir eebe grad esou een Debat net ze féieren, wann d'Leit net matschwätze kënnen, wann d'Leit net kënnen demonstréieren.

Elo op eemol, trotz e puermol nofroen, ass et dann awer esou, datt d'Majoritéit eis hei imposéiert, muer iwwer en Text ze schwätzen, iwwert deen zumindest emol d'ganz Oppositioun net muer wëllt schwätzen. Et ass e bëssen eng Farce, wa mer eis virstellen, datt eng ganz Zivillgesellschaft - 40 NGOen zu Lëtzebuerg, an dat ass fir e klenge Land wéi Lëtzebuerg net näischt! - sech mobiliséiert huet, fir dat Thema ze diskutéieren an zu enger informéierter Meinung ze kommen, fir deenen d'Recht ze huelen, dogéint ze demonstréieren. A genau dat geschitt!

An ech mengen, de Premier huet et gëschter a senger Usproch gesot, en huet gesot: „Versammlunge bis 20 Leit ënner fräiem Himmel, awer keng Demonstratiounen.“ Jo, wat dann elo? Däerfen da muer 20 Auserwielte, also ee fir all zwou Organisatiounen, virum Cercle demonstréieren, mat zwee Meter Distanz, fir ze weisen, datt se géint CETA sinn? Ech mengen, dat geet net duer, fir ze weisen, wéi mobiliséiert d'Zivillgesellschaft an deem heiten Dossier ass. An duerfir ass et wichteg, datt mer dës Punkte vum Ordre du jour huelen an no hanne schiben.

A wéi de Marc Baum et ganz richteg gesot huet: Et kann dach net sinn, datt mer enger-säits Covid-Projeten, déi an der Urgence solle gestëmmt ginn, déi virum Enn vum État de crise gestëmmt mussen sinn, no hanne schiben, fir iwwer en Text ze diskutéieren, wou et keng Urgence gëtt! Dat ass e bëssen de Geck mat de Leit gemaach!

An duerfir, Här President, froen ech dann och am Numm vun de Piraten, datt de Projet 7457 an de Projet 7460, allgemeng bekannt als CETA, vum Ordre du jour geholl ginn, an datt mer en place géifen dann, mat där fräier Zäit, déi Projeten diskutéieren, déi souwisou fir dës Woch virgesi waren.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. An dann hat nach den Här Gibéryen d'Wuert zum Ordre du jour gefrot.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech ka mech am Fong mengen dräi Virriedner uschlëssen, an och mir als ADR verlaangen, datt de Punkt vum Ordre du jour geholl gëtt.

Et ass e wichtege Projet, dat heiten, dee ganz kontradiktöresch diskutéiert gëtt tëscht der Politik an tëscht de Leit, an dat net nëmmen hei am Land, mee queesch duerch ganz Europa.

Mir sinn an enger exzeptioneller Situatioun als Parlament, als Politik. Dëst Parlament huet decidéiert, den État de crise auszebaue bis op den 22. Juni, fir der Regierung domadder d'Méiglechkeet ze ginn, séier ze agéieren, wann am Fall vun der Kris missten Decisiounen geholl ginn. An eng vun de grouse Suergen, déi d'Parlament hat, wéi et där Situatioun zougestëmmt huet an der Regierung dee Pouvoir ginn huet, ass: Wéi bleift d'Kontroll vum Parlament vis-à-vis vun der Regierung? Wéi hu mer d'Garantie, datt déi demokratesch Prinzipien, déi Spillreegelen, d'Kontroll vum Parlament, datt dat garantéiert bleift?

Dat war ee vun de weesentleche Punkten, wou eng Chamber, wat och normal ass, sech déi Froe muss stellen, wa se enger Regierung dee Pouvoir gëtt, fir datt net kann eng Regierung e Mëssbrauch maachen: Datt d'Proportionalitéit respektéiert gi vun deenen Decisiounen, déi se huelen, an datt d'Parlament ëmmer agebonnen ass an d'Informatiounen an an d'Decisiounen. Wat jo och am Kader vun der Kris tëscht dem Parlament an der Regierung gutt funktionéiert huet. A virun allem och, datt déi elementar Mënschrechtsprinzipien, déi an enger Verfassung verankert sinn, datt déi respektéiert ginn.

Wann d'Parlament muer hei iwwert dës Projeten, déi zwee Projeten, diskutéiert a se ofstëmmt, da muss mer wëssen, datt en elementaart Recht, wat an engem Rechtsstaat dat Normalst ass, nämlech d'Manifestatiouns-, d'Demonstrationsrecht, datt dat muer net méiglech ass. Mir hunn duerfir hei eng Situatioun, wou ech mengen, vun engem Parlament - an hei ass jo net d'Regierung, déi en cause ass, hei ass d'Parlament ganz eleng en cause, well mir hu gesot, mir wëllen net, datt d'Regierung en Abus mécht aus där Situatioun, wou mer elo sinn, vum État de crise -, mee elo géif d'Parlament en Abus vun där Situatioun maachen. D'Parlament mécht en Abus, datt et seet: „Ma kommt, elo diskutéiere mir dat Thema do séier während där doter Situatioun, well mer wëssen, datt da keen hei am Land ka manifestéieren!“

An dat ass ganz, ganz grav, wa mer dat maachen. An ech mengen, wa mer wierklech hei dat Manifestationsrecht, wat vun der Regierung ausser Kraaft gesat ginn ass, wann d'Parlament dat elo gebraucht, fir hei e Gesetz ze stëmmen, wou se wëssen, datt d'Bierger gäre géife manifestéieren, da muss ech lech soen, dann ass et net d'Regierung, déi vum État de crise Mëssbrauch mécht an dervu profitéiert, mee et ass d'Parlament selwer, wat dat mécht!

An duerfir, et géif eis gutt zu Gesicht stoen, wa mer géife soen: „Kommt, mir huelen déi Punkten do vum Ordre du jour!“ Et besteet absolutt keng Urgence. Et besteet absolutt keng Urgence! Mir kënnen déi roueg vum Ordre du jour huelen a mer diskutéiere se zu engem spéideren Zäitpunkt.

Wa se op dem Ordre du jour bleiwen, dann ass et ganz kloer, datt d'Majoritéit vun der Situatioun profitéiert, well eebe kee ka manifestéieren. An dat ass engem Rechtsstaat onwürdeg!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gibéryen. An dann huet den honorabelen Här Georges Engel d'Wuert gefrot.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Op déi heiten Diskusioun hunn ech mech net kënnen virbereeden, mee ech hu mer awer geduecht, dass se géif kommen, well scho gëschter an der Confé-